n° 3626

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 12. Februar 2021

REÇU
Par Alff Christian , 12:01, 12/02/2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den d'Madamm Gesondheetsminister an un d'Madamm Justizminister weider ze leeden.

Am Kader vun der geplangter Legaliséierung vum rekreative Cannabis, schafft mëttlerweil säit 2 Joer en Aarbechtsgrupp vu Leit aus dem Gesondheetsministère an dem Justizministère un de groussen Axe vum Text an awer och um ganze Volet vun der Preventioun, der Sucht an der Educatioun, déi domat anhier ginn.

An deem Kontext wéilte mir folgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Wéi wäit ass den Aarbechtsgrupp mat sengen Aarbechten? Ginn et éischt Conclusiounen?
2. Sinn d'Police an d'Justizautoritéiten och an den Aarbechte vum Groupe de Travail mat agebonne resp. sinn si ëm Avis gefrot ginn?
3. Wann nee, fir wat net?

Här President, mir bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

Laurent Mosar
Deputéierten

Claude Wiseler
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: CARRILHO CARDOSO Patrick
Tel: 247 85512
Email: patrick.carrilhocardoso@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

REÇU
Par Alff Christian , 16:35, 25/02/2021

Luxembourg, le 24 février 2021

**Réf. :** 836xdd71f

**Concerne**: Question parlementaire n° 3626 du 12 février 2021 de Monsieur le Député Laurent Mosar et de Monsieur le Député Claude Wiseler

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune de Madame la Ministre de la Justice et de la soussignée à la question parlementaire n° 3626 du 12 février 2021 de Monsieur le Député Laurent Mosar et de Monsieur le Député Claude Wiseler concernant la "Légalisation du cannabis récréatif".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

**Paulette LENERT**
**Ministre de la Santé**

**Réponse commune de Madame la Ministre de la Santé et de Madame la Ministre de la Justice à la question parlementaire n° 3626 du 12 février 2021 de Monsieur le Député Laurent Mosar et de Monsieur le Député Claude Wiseler concernant la "Légalisation du cannabis récréatif".**

D'Regierung strieft eng adäquat, zäitgeméiss a léisungsorientéiert Reglementéierung vum wäitverbreete Cannabiskonsum fir net medezinesch Zwecker zu Lëtzebuerg un. D'Haaptzil vun der Reglementéierung ass et fir d'Gesondheet vun de Mënschen déi mat Cannabis a Kontakt kommen beschtméiglech ze schützen, esou wéi d'Konsumenten vum Schwaarzmaart fortzehalen an domat och dee Maart fir d'organiséiert Kriminalitéit manner interessant ze maachen

D'Aarbechte fir e Projet de Concept auszeschaffen deen der komplexer Erausfuerderung gerecht muss ginn, sinn nach net ofgeschloss.

An deem Kontext hunn intensiv interministeriell Échangen stattfonnt an eng grouss Zuel vu Kontakter hu stattfonnt fir esouvill Erfahrungswäerter a Recommandatioune wei méiglech an den nationale Konzeptentworf kënne mat afléissen ze loossen.

Deen Entworf, deen wéi gesot aktuell nach an Ausaarbechtung ass, konnt iwwert dee Wee complétéiert an optimiséiert ginn. D'Échangen um nationale Plang an och mat deene betraffen Acteuren, ginn och kontinuéierlech weidergefouert.

An deem Kader goufen och punktuell Retour'en vum Ministère de la Sécurité intérieure, vun der Police an vun de Justizautoritéiten ageholl, sou wéi dat och weiderhin de Fall wäert sinn.